Formation Co-Pilote - Animateur Maison des Jeunes

Programme 2011/2012

Service National de la Jeunesse

croix-rouge luxembourgeoise

Fir de Brevet “**Animateur B**” mat der Mentioun “Co-pilote dans une Maison des Jeunes” ze kréien, muss du folgend Etappen duerchlafen: 3 **Weekender (WE)** vun denger Wiel, d’**Formatiounswoch I** an e **Stage**, dat heescht 10 Deeg an engem Jugendhaus oder 8 Deeg an enger Vakanz/ Kolonie.



Zwee **Workshops**, also zwee Nomëtteger, zielen och als e Weekend fir de Brevet “Animateur B”.

Animateur

Fir de Brevet “**Animateur C**” mat der Mentioun “Co-pilote dans une Maison des Jeunes” ze kréien, muss du och folgend Etappen duerchlafen: 3 **Weekender (WE)**, d’**Formatiounswoch II** an e **Stage**, dat heescht 10 Deeg an engem Jugendhaus oder 8 Deeg an enger Vakanz/Kolonie.

D’Weekender daueren, falls net anescht ugesot,vu Samsdes 15.00 Auer bis Sonndes 17.00 Auer.

D’Workshops daueren, falls net anescht ugesot, vu Samsdes 14.00 bis 20.00 Auer.



Op Ufro kënnen och Weekender vun aneren Organisatiounen unerkannt ginn. De Mindestalter fir d’Formatioun Co-pilote unzefänken ass 15 Joër.

Umeldung

www.snj.lu

www.croix-rouge.lu

Wann’s du un der Formatioun Copilote intresséiert bass, da schéck einfach den Umeldungsformular un eng vun dene folgenden Adressen zréck.

Service National de la Jeunesse
138, boulevard de la pétrusse
b.p.707 L-2017 Luxembourg
Tél.: 2478 6464 Fax: 46 41 86
formation@snj.etat.lu

Croix-Rouge luxembourgeoise
Maisons des Jeunes
10, cité Henri Dunant
b.p. 51 L-8005 Bertrange
Tél.: 621 338 128 Fax: 2755 6001
formation@croix-rouge.lu

Du kanns dech och iwwer Telefon, Fax oder E-Mail umellen. Du kriss da virun all WE eng Email oder e Bréif geschéckt, an dem’s de gefrot gëss ob’s de wëlls un dem WE deelhuelen. Ugemeld sinn da just déi Leit déi eis äntweren. Sou kanns du méi spontan entscheeden op wéi eng Weekender`s de Loscht hues!

Umeldung

www.croix-rouge.lu

www.snj.lu

Umeldungsformular

Numm / Virnumm

Adress

/

Postleitzuel Uertschaft

Telefonsnummer, Handy, Fax oder E-mail

Matricule

Jugendhaus vun ...

Ech hu scho bei dëse Formatiounen matgemaach

31.10. - 04.11.11 Formatiounswoch 2. Zyklus

1

Formatiounswoch 2. Zyklus

31. Oktober - 04. November 2011

An dëser Formatioun gi mir op Animatiounstechniken an op d'Verhale vu engem Animateur an. Ausserdem behandele mir Theme wéi z.B. Kommunikatioun a Gruppendynamik mat prakteschen Übungen a Spiller.

Workshop "Party-DJ"

19. November 2011

Dësen Atelier gëtt ee klengen Ableck an d'Welt vum DJing a Producing vu Musek. Wéi mixt ee Musek, a wéi maachen ech meng eege Musek um PC? Wat brauch ech dofir a wou kréien ech dat hir?

FORMATION CO-PILOTE 2011-2012

Workshop
“Bobos du camp”

26. November 2011

Wat soll ech maache wann e Jonke sech wéideet am Jugendhaus?

Hei kriss du en Ableck an d’1. Hëllef bei klenge Boboen, Accidenter oder Krankheeten.

4

WE “Gewalt! An elo?”

14. - 15. Januar 2012

Gewalt an iergend enger Form gehéiert leider oft zum All-dag. Mee wéi kënne mir dorop reagéieren? Op dësem Week-end erwaarden iech vill praktesch Beispill-er an d’Méiglechkeet, Gewalt selwer ze „erfillen“.

5

WE “Climbing”

27. - 28. Januar 2012

Abléck kréien an eng uspriechend an zugläich usprochsvoll Aktivitéit; Theme wäerten ënneranerem Vertrauen a Verantwortung iwwerhuele sinn ...

FORMATION CO-PILOTE 2011-2012

11. - 12.02.12 WE “Film- an Tountechnik...”

WE “Film- an Tountechnik liicht gemaach!

11. - 12. Februar 2012

Mir maachen ee Film, huelen Toun op, a verschaffen dat ganzt um Computer.



Formatiounswoch 1. Zyklus

18. - 25.02.12

Formatiounswoch 1. Zyklus

18. - 25. Februar 2012

Roll vum Co-Pilote, Organisatioun an Duerchféierung vun Aktivitéiten am Jugendhaus, Teamwork, etc.

09. - 10.03.12 WE “Treffpunkt Jugendhaus”

WE “Treffpunkt Jugendhaus”

Aktivitéiten am Jugendhaus

09. - 10. März 2012

Alles wat’s de schonn ëmmer wolls wëssen, Informatiounen, Diskussiounen am Emgang mam Thema, geschlechtsspezifescht Rollenverständnis.

17. - 18.03.12 WE “Sucht a Drogen”

WE “Sucht a Drogen”

17. - 18. März 2012

Opklärungsaarbecht am Jugendhaus; Ennerscheeder a Wirkung vun den Drogen, meng perséinlech Astellung, Gesetzgebung, etc.



FORMATION CO-PILOTE 2011-2012

10

Formatiounswoch 2. Zyklus

31. März - 07. Abrëll 2012

An dëser Formatioun gi mir op Animatiounstechniken an op d'Verhale vu engem Animateur an. Ausserdem behandele mir Theme wéi z.B. Kommunikatioun a Gruppendynamik mat prakteschen Übungen a Spiller.

11

Formation transfrontalière

09. - 14. Abrëll 2012

Bei dëser Formatioun, déi all Joer an engem anere Land stattfënnt, trefft Dir op Jonker aus Däitschland, Frankräich, der Belge, Liechtenstein a Lëtzebuerg. Hei léiert dir zesumme wéi een interkulturell Aktivitéite richteg encadréiert.

Des Formatioun gëtt lech als 2. Formatiounswoch ugerechent.

12

WE
“Spill mat !”

28. - 29. Abrëll 2012

Um “Spill mat !” leiers du wei een zesummen mat den Jonken aus engem Jugendhaus d’Langweil kann bekämpfen. Schweierpunkt vun dem WE leit um Gesellschaftsspill an op aneren spillerechen Aktivitéiten.

FORMATION CO-PILOTE 2011-2012

12. - 13.05.12 WE “Digital Fotografie”

13

WE “Digital Fotografie a Safer Internet”

12. - 13. Mee 2012

Manipulatioun a Nobeaarbechtung vun digitalen Fotoen, cool Fotoen fir deng Internetsäit a vill Wëssen iwert „Safer Internet“!

14

Workshop “Feierläscher”

19. Mee 2012

Op dësem Workshop gesin mir alles Wëssenswertes zum Thema Feier, wéi Feier entsteht an virun allem wéi een Féier bekämpfen an löschen kann. Natirlech probéieren an üben mir och mat Feierlöscher .

09. - 10.06.12 “Kooperative Abenteuerspiele”

15

WE
“Kooperative Abenteuerspiele”

09. - 10. Juni 2012

Kenneléierspiller, Zesummenaarbecht, Vertrauen, zesummen am Grupp eppes Flottes erliewen. Mir kucke wéi mir mat Problemer am Grupp ëmginn, wéi wichteg all Eenzelne fir de Grupp ass a wou eis Schwieregkeeten am Ëmgang mat anere leien.

FORMATION CO-PILOTE 2011-2012

16

Workshop
“Co-pilote am Jugendhaus”

Datum op Ufro

Aféierung an d’Formatioun Co-Pilote; d’Roll an d’Aufgab vum Animateur am Jugendhaus.



17

Workshop “Co-pilote am Jugendhaus- fir Jonker ab 12 Joer”

Datum op Ufro

Aféierung an d’Formatioun Co-Pilote; d’Roll an d’Aufgab vum Animateur am Jugendhaus. Waat kann an däerf ech schonn alles am Jugendhaus machen.

18

Workshop “Radio”

Datum op Ufro

Wat ass Radio? Wéi maachen ech eng Sendung? Wat gëtt et vun Interviewtechniken?

Mat Graffiti féiere mir lech praxisbezunn an d’Welt vum Radio an.

FORMATION CO-PILOTE 2011-2012

19

Workshop “Party-DJ”

Datum op Ufro

Dësen Atelier gëtt ee klengen Abléck an d’Welt vum DJing a Producing vu Musek. Wéi mixt ee Musek, a wéi maachen ech meng eege Musek um PC? Wat brauch ech dofir a wou kréien ech dat hir?

FORMATION CO-PILOTE 2011-2012

20

Workshop “Vidéo”

Datum op Ufro

Ëmgang mat der digitaler Kamera, Manipulatioun vu Bild an Toun um Computer.

FORMATION CO-PILOTE 2011-2012